# 19.06.1988 : Véiert Duerffest

Scho samschdes (18.6.) muerges huet de President mam Leguill Celeste d'Grompere geschielt. Nomëttes em 13.30 h goung et dann sérieux lass. D'Bude goufen vu Munnerëf erop transportéiert, gradesou d'Dréi. Vu Welfréng (Van Dahm) goufen nach Glacen erbäigefouert.

D'Gromperen goufen am Keller gekacht. Och d'Bouwen (Laurent Tremuth a Steve Reckel) hu kräfteg ugepaakt. Géint der Owend koum dann och nach de Killamion vun der Firma Krack. D'Wieder war gliddeg waarm.

Sonndes muerges war d'Wieder dann net méi esou waarm, bis an den Nomëtteg eran. Schon um 6 Auer fréi waren de Steve Reckel an de Marco Putz am Gaang, Mëschunge fir Eisekuchen ze maachen.

Em 8 Auer koum den Troes mam Gedrénks.

Fir d'Mëttegiessen haten sech 120 Leit ugemellt. Géint 12 Auer ass dat och agetraff, allerdéngs hat de Metzler bal d'Thüringer, d'Mettwurschten an och d'Heisse (fir d'éischte Kéier um Duerffest) vergiess.

Als Dessert hu mer Taarten an Eisekuchen servéiert.

Nomëttes huet eise Béier e bëssche vill gescheimt, d'Fässer ware gerëselt an net genug gekillt. Duerch e Kuerzen an engem Wafeleisen sinn eng Zäit d'Sicherungen net abliwwen.

Géint 16.00 Auer huet dann d'Fanfare Canach eis e Concert offréiert.

Em 17.00 Auer gouf dann ëmgebaut fir de Fausti. Bis ± 9 Auer owes waren et awer haaptsächlech d'Kanner, déi gedanzt hunn.

No 18.00 Auer war eist Fleesch all verkaaft, Thüringer a Koteletten goufen erbäigeschleeft (aus der Stad – Krack – a vum PingPong – Marlène Schmit). Och Brout hu mer misse vu Munnerëf (Nicole Dolinski) erbäikréien. Om Grill gouf et entdeet.

No 21.00 Auer hunn dann och déi Grouss gedanzt. Em 23.00 Auer huet de Fausti Schluss gemat. Et huet allerdéngs bis Hallefnuecht gedauert, bis déi lescht Gäscht sech op den Heemwee gemat hunn.

Et gouf nach ofgerappt, Saachen eweggefouert an sou war et 1 Auer, wéi mir heemkoumen.

Méindes ass dann nach a verschiddene Schichten (Kanner, Bonne a Collé, Wiisser Leit) ofgerappt, gebotzt a geraumt ginn. Em 21.00 Auer war dann definitiv Feierowend.

NB : Dëst Joer war eist Duerffest net op d'Kleng Kiermes gefall an dat, well de Sekretär sech om Kalenner verrechent hat. Glécklecherweis kann ee soen, well de Sonndeg vun der Klenger Kiermes war schlecht Wieder.